



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2019

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesait, bidden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert de sozialen an abordabelen Wunnengsbau un den Här Wunnechtsbauminister weiderzeleeden.

Den Här Wunnechtsbauminister huet a sengen éischten Aussoen énnerstrach, dat Gemenge ee wichtegen Acteur sinn fir d'Wunnengsproblematik zu Lëtzebuerg ze léisen a vill vun hinne sinn och bereet Verantwortung ze iwwerhuelen. Sou stellen sie zum Beispill den öffentleche Bauträger, wéi dem Fonds du Logement oder der SNHBM Terrain'en zur Verfügung fir sozialen an abordabele Wunnengsraum ze schafen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Wunnechtsbauminister riichten

- Wéi vill Terrain'en kruten déi öffentlech Bauträger an de läschte 5 Joer vun de Gemengen zur Verfügung gestallt?
- Wéi vill vun dësen Terrain'en sinn an der Tëschenzäit viabiliséiert ginn?
- Wéi vill Wunnenge sinn op dësen Terrainen an des läschte 5 Joer entstanen?
- Wéi laang dauert et an der Reegel nom Unhuele vun engem PAP bis d'Bauarbechten konkret op dësen Terraine ufänken? Wéi huet dës Zäitspan an de läschte 5 Joer evoluéiert?

Här President, ech bidden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Octavie Modert
Deputéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Luxembourg, le 20 NOV. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
21 NOV. 2019

Dossier suivi par:
Jérôme KRIER
247-84837

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
5, rue Plaetis

L-2338 Luxembourg

Ntr.réf.: 2019-1364-Modert_RépMinTransmis_20-11-2019.doc/JK


Concerne: Question parlementaire n°1364 du 21 octobre 2019 posée par l'Honorable Députée Octavie MODERT concernant les logements sociaux.

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 23 octobre 2019 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente ma réponse à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Pour le Ministre du Logement

Mike MATHIAS
Premier Conseiller de Gouvernement

Réponse de Monsieur Henri KOX, Ministre du Logement, à la question parlementaire n°1364 du 21 octobre 2019 de l'Honorable Députée Octavie MODERT concernant les logements sociaux.

An de leschten 5 Joer huet de Fonds du Logement ongef ier eng honnert Parzelle vun de Gemen ge kaf, respektiv zur Verf igung gestallt krut, an zwar vun folgenden Gemengen: Nidderk erjeng, D ifferdeng, lechternach, Esch-Uelzecht, Munneref, Noumer, L etzebuerg, Steesel, Wolz a Wanseler. Des Parzellen hunn eng Superficie vun zirka 10 Hektar.

D'SNHBM huet an deem Z itraum Terrain'en kaaft oder vu Gemengen en Erbpachtrecht (« *Emphyt ose* ») op Terrain'en krut, ob deenen ongef ier 834 Wunnenge gebaut solle ginn, an zwar a folgend Gemengen: Alzeng, Bieles, Bettendorf, Contern, D ifferdeng, Groussbus, Hueschtert, Jongl nster, K erjeng, Rolleng, L etzebuerg, Miersch, Monnerech, Sandweiler, Sch tter a Walfer.

Ech w ill d ei  ierew ert Deput iert inform ieren, dass 89 vun den uewegenannte Parzelle vum Fonds du Logement an der T eschenz it viabilis iert gi sinn. Bei der SNHBM si vun de betraffenen Terrain'en an der T eschenz it scho gutt 73 Prozent viabilis iert ginn.

Op deene genannten 10 Hektar, d ei de Fonds du Logement an de leschte 5 Joer kaaft huet, sinn 166 Wunnenge f erdeg gestallt ginn, eng ronn 30 sinn der am Bau a m ettel-bis laangfristeg sinn iwwer 600 Wunnunit iten op de gefroten Terrainen an der Planung. Op den uewegenannten Terrain'en huet d'SNHBM 148 Wunnenge gebaut, 363 sinn der momentan am Bau, an 323 si m ettelfristeg an der Planung.

D' effentlech Bautr ger brauchen am Duerchschn tt 1,5 bis 4 Joer, bis d'Bauaarbechte konkret kennen uf anken nom Unhuele vum PAP, well jo vill Faktoren hei spille kennen - jee nodeem ob et sech em en klenge PAP („*Projet de petite/moyenne taille*“) oder um en grousse PAP („*Projet de grande envergure*“) handelt - a bis all Autorisatiounen do sinn. D s Z itspan huet sech en gros net ge nnert.